

En Eisen am Feier

Vum Guy Rewenig

„Ech hätt gär e Monument“, seet de Fränz a säin Diktéierapparat. „An e grousst Graw mat engem Meter op dräi Meter. Datt ech méch strecke kann. E kammout Graw mat engem Monument. Dat as mäi leschten Wonsch.“

Dem Fränz säin Diktéierapparat huetséich alles gemierkt. En Diktéierapparat as eppes zimlech Fortschrëttleches. Dee krut hien vun de Kollegen fir séng sëlwerhochzäit. Well s du vun elo un ëmmer manner verhäls, soten d'Kollegen. Si wossten nët, datt de Fränz vun elo un iwwerhaupt näischt méi ze verhale brauch. Dat éischt, wat hien séngem Diktéierapparat unvertraut huet, war: „D'Schmelz as zou. D'Schaff as eriwwer. Ech sëtzen elo hei a brauch keen Diktéierapparat méi.“

„Ech winne méch nët un däin Diktéierdengen“, seet dem Fränz séng Fra Lea. „Ech kennen déng Stëmm nët erëm. Si kléngt friem. Sou däischter. Sou huel. Wéi d'Stëmm vun engem Doudegen.“

Awer de Fränz diktéiert weider. Et kann een nët en Diktéierapparat hun an dann näischt domat unfänken. Hien diktéiert de ganzen Dag a spillt sénger Fra et owes vir. „Du hues haut erëm näischt erlieft, „ seet d'Lea. „Wéi kéint ech dann eppes zielen, wann ech näischerlieft hätt?“ freet de Fränz.

„Ugehall, du wärs méng Sekretärin“, seet de Fränz zum Lea. „Da géifs du mäin Diktéierapparat lauschteren an alles ofschreien. Du géifs méng Mémoirë schreien. Dag fir Dag. Soss huet mäin Diktéierapparat jo kee Sënn. Wa keen et ofschreift, brauch ech nët ze diktéieren.“ D'Lea seet: „Ech sin awer nāt deng Sekretärin.“

Mueres gläich ëm néng Awer geet de Fränz an d'Geschäft, wou Monuments funéraires op der Vitrin steet. Hien stellt säin Diktéierapparat op de Comptoir. Den Diktéierapparat seet zum Vendeur: „Ech hätt gär e Monument.“ De Vendeur freet: „As dat d'Stemm vum Versterwenen?“ De Fränz seet: „Jo.“ De Vendeur seet: „Dann däerf ech iech mäin Bäileed aus-

drécken.“ De Fränz seet: „Dat kann ech elo gutt gebrauchen.“

Et gët vill Zochte Monumenter. Et gët abstrakter a figurativer. Et gët opfälleger an dezenter. „Ech hätt gär e gross Monument“, seet dem Fränz säin Diktéierapparat. „Ganz grouss. Iwwerliwensgrouss. Datt et hält. Datt et nach an honnert Joer steet.“

„An d'Matière?“ freet de Vendeur. „Stol“, seet de Fränz. „Echte Stol?“ freet de Vendeur. „Gët et och oneschte Stol?“ freet de Fränz. „Dat gët deier“, seet de Vendeur. „Dat musse mär an Italie géisse loosene.“ De Fränz seet: „Dat as egal.“ Den Diktéierapparat seet: „D'Schmelz as zou. D'Schaff as eriwwer.“ De Fränz mécht en aus a seet: „Pardon. Dat hat ech nach nët geläsch.“ De Vendeur freet: „As d'Schmelz zou?“ De Fränz seet: „Jo D'Schmelz as zou.“

„Awat soll d'Monument duerstellen?“ freet de Vendeur. „Méch“ seet de Fränz. „Mam décken Hummer. Aronerëm Feier.“ De Vendeur kuckt nët grad gescheit dran. „As eppes?“ freet de Fränz. „D'Feier“, seet de Vendeur. „Gët dat och aus Stol?“ De Fränz seet: „Alles. Och d'Feier. Och den Hummer.“

„Ech hänken an der Fréipension“, seet de Fränz zou séngem Diktéierapparat. „Ech kommen mär vir wéi ewechgeblosen. Wéi wann ech ni do gewiescht wär.“ De Fränz denkt: „Méch bléist keen ewech. Ech war do. An ech sin nach ëmmer do. Ech kréien e Monument. Selwer bezuelt.“

Et as awer nët einfach, selwer e Monument ze bezuelen, wann engem e schroen Devis an d'Haus fladdert. Am Devis steet: Monument funéraire, hauteur 3 mètres, exécution acier véritable, prix provisoire 1 million flux. „Wéi kann e Mann aus Stol eng Million kaschten?“ freet de Fränz säin Diktéierapparat. Glécklecherweis läit eng skizz vum Monument beim Devis. Duerop as de Fränz piccobello geroden. E richteg staarken Ausdrock am Gesiicht. Zéi, mee nët verbass. De Bléck an d'Zoukunft geriicht. An den décken Hummer steet dem Fränz iwwert dem Kapp wéi d'Spëtzt vun engem Tuerm. Dee stole Fränz wísst aus dem stole Feier. E gesäit aus, wéi wann hien mat engem eenzegen Hummerschlag dat ganz Feier lāsche kéint.

„Dat däerf ech dem Lea nët zielen“, denkt de Fränz. „Eng Millioun fir mäi Monument. Dat géif nëmme goen, wann d'Lea schon dout wär. Da géif ech e Prêt maachen, a wann ech gebascht wär, kéint d'Bank kucken, wéi se hire Goss zrëckkritt. Da géife mär mol gesin, ob d'Bank sou vermesse wär, mäi Monument ze konfiskéieren.“

Nomëttes trëppelt de Fränz op de Kierfecht a kuckt séch d'Monumenter un. Et geet op keng Kouhaut, wat d'Leit séch alles op hir Griewer stellen. Déi meescht si schaarf op Engelen. D'Engelen hucken op de Griewer a pinschen. Heiansdo si richteg déck Tréinen an d'Engelsgesiicht Gemeesselt. Déi stengen Tréinen halen nët op ze falen. Aner Engele stin hannert der Grawplack an hiewen e stenge Kaiz an d'Lut. Si kucken no uewen duerch de Rondel vum Kranz. Wéi wa se géifen eng Sonnenfinsternis observéieren. Wann d'Engelen zu zwee sin, heemele s'een deem aner d'Schëlleren. Wa se dräi sin, sti s'am Krees an huele séch mat den Hänn. Si danzen nët, mee kucken onheemlech traureg op de Buerdem.

„Hei an deem Engelpark kënnt mäi Monument bestëmmt gutt un“, denkt de Fränz. „Dann hun d'Engelen eppes ze kucken. Wann ech en Engel wär, géif ech och léiwer engem Mann nokucken, deem mam Hummer am Feier wuddert, wéi deeglang nëmme dépriméiert Engelen am Bléck ze hun.“

Op de Griewer steet zwar nët, wat déi Doudeg am Liewe geschafft hun. Awer et gesäit een et un den Engelen. Wou déi déck Engel stin, déi meterhéich, do läit de bessere Pak. Déi Häre Manager. Hir Engele sin och vill méi hell wéi déi aner. Si gi garantéiert regelméisseg gebotzt. Mat Sand ofgesprëtzt. Bestëmmt hun déi Häre schon zu Liefzäiten eng schwarz Keess gegrënnt, fir an all Eiwegkeet hir Engelen um Kierfecht botzen ze loosene. „Wann ech en Engelbotzert wär, ech géif denen décken Engele schéin de Kapp wäschen“, denkt de Fränz. „Déi kleng géif ech a Rou loosene. Déi schappeg. Déi gro. Déi mam Stëbs vun der Schmelz op de Käpp. Déi mat de butzege Fillécken. Vlät géif ech déi och guer nët botzen. Wien am Liewen ëmmer gro warm soll um Kierfecht nët op eemol blénken.“

„Wa mäi Monument mol steet, as Allhellegen nees eppes lass um Kierfecht“, seet de Fränz a säin Diktéierapparat. „Da pësperen d'Leit hire Kanner an d'Ouer: Kuck de Fränz. Dohanne steet de grouse Fränz. Kuck säin Hummer. Kuck déi benzeg Flame ronderëm séng Knéien. Kuck de staarke Fränz. Oder si soë scho mueres fréi zu hire Kanner: Haut pilgere mär bei de Fränz.“ Den Diktéierapparat kläbbert. De Fränz hat vergiess, eng Cassette anzeleën. (...)

Auszug aus *En Eisen am Feier*, von Guy Rewenig, in: Joseph Tomassini, *Costume de Fer*, Echternach, Editions Phi, 1998.